ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Kulturminister weiderzeleeden.

De Centre national de recherche archéologique (CNRA) schafft am Beräich vum Erweideren, Integréieren an Erhale vun eisem nationale Patrimoine an domat natierlech fir d'Lëtzebuerger Kultur. Aus deem Grond ass et entscheedend, datt d'national Politik hei mat nohalteger Perspektiv dat néidegt Engagement opbréngt, an am Déngscht vum archeologeschen Ierwen, an domat der Kultur allgemeng, handelt.

An deem Kontext wéilt ech der Madame Minister gär folgend Froe stellen:

1. Anscheinend gëtt et e grousse Retard am Opschaffe vu verschiddene Gruewungen. Ass de CNRA personell, finanziell a vun de Strukturen hier esou equipéiert, datt hien déi vill Aarbecht packe kann? Wa jo, a wéi engen Delaien?
2. Ass genuch Plaz do, fir déi gesammelt Objeten archeologesch ze ënnersichen, ze lageren oder ze erhalen? Wann nee, gëtt et Pläng fir d'raimlech Situatioun vum CNRA ze verbesseren?
3. Ginn et konkret Beméiunge fir d'Moderniséieren an d'Professionaliséiere vun der Archeologie zu Lëtzebuerg? Wa jo, wouraus bestinn déi Beméiungen?
4. E groussen Deel vun der Aarbecht zu Lëtzebuerg ass scho bal traditionell vu fräiwëllegen Archeologiebegeeschterte gemaach ginn. Bleift fir déi Leit mat ville Verdéngschter nach Plaz an deem uviséierte méi professionelle Kader?
5. De CNRA wier frou iwwer méi Autonomie am Kader vum Schafe vun engem Institut du patrimoine. Wéi wäit ass esou e Projet?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

6. Iwwer wat fir Weeër wëllt d'Regierung e bessert Aneneegräife vu Schantercher a vun archeologeschen Noutgruewungen op esou Plaze garantéieren? Ginn do aktuell nei Prozeduren ënnersicht a méi finanziell Mëttele virgesinn? Wéini ass mat konkrete Schrëtter ze rechnen?
7. Ginn nieft den Noutgruewungen och proaktiv Gruewunge gemaach, fir den archeologesche Patrimoine ze erweideren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten